N°1722
Entrée le 06.01.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 06.01.2025
Chambre des Députés

DEMOKRATESCH PARTEI
Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här Claude WISELER
Chamberspresident
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, den 3. Januar 2025

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau weiderzeleeden:

„D'kënschtlech Intelligenz (KI) wäert an Zukunft ëmmer méi Deeler vun eiser Gesellschaft betreffen, sou datt zimmlech all berufflech Acteuren net derlaanscht kommen, fir sech domat ze befaassen a sech an deem Sënn och weiderzebilden.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau folgend Froe stellen:

- A wat fir engem Mooss sinn eis Landwirtschaft, awer och eis Gäertner a Wënzer elo scho vun der KI betraff?
- Wéi gesäit de Moment d'Weiderbildung an deem Beräich konkret aus?
- A wat fir enge Sparte vun der Landwirtschaft kéint d'KI zu enger (spierbarer) Entlaaschtung vun eise Baueren, Gäertner a Wënzer féieren?"

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Luc EMERING
Deputéierten